N°7874
Entrée le 15.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

**Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes op d'parlamentaresch Fro n°7874 vum 6. Abrëll 2023 vum éierewäerten Deputéierte Fred Keup iwwert "Évolution de la consommation de gaz naturel au Luxembourg "**

**1) Kann den Här Minister matdeelen, wéi héich de Gasverbrauch zu Lëtzebuerg 2022 insgesamt louch? Falls et zu enger Reduktioun géintiwwer 2021 koum, kann den Här Minister da matdeelen, wéi déi entspriechend Aspuerunge sech op déi eenzel Secteure verdeelen?**

Am Joer 2022 war de Gasverbrauch vum Land 6782 GWh[1]. Par Rapport zum Joer virdru gouf domadder 21.45 % manner Gas consomméiert. D'Verdeelung vun dëser Aspuerung op déi verschidde Secteuren ass wéi folgend:

- Clients résidentiels: -21,36 %
- Clients professionnels (< 280 GWh/an) : -2.56 %
- Clients professionnels (> 280 GWh/an) : -46,98 %
- Production électricité/cogénération : -34,7 %

**2) Falls de Gasverbrauch an der Industrie erofgaangen ass, kann den Här Minister preziséieren, wéi wäit dës Aspuerungen op technologesche Fortschrëtt zeréckzeféiere sinn a wéi wäit d'Betriber d'Produktioun agestallt hunn, well et net méi rentabel ass?**

Obwuel et eng Reduktioun vun -46.98 % am Gasverbrauch am industrielle Secteur gouf (2022 par Rapport zu 2021), ass de PIB am Industriesecteur laut dem Statec am véierten Trimester 2022 am Verglach mam Joer virdrun nëmmen em 6.3 % zréck gaangen. Dës am Verglach mat der Gasconsommatioun relativ kleng Reduktioun weist dorop hin, dass industriell Acteuren d'Zäit fir temporär Maintenanceaarbechten a strukturell Energieeffizienzmoossname genotzt hunn, an dat ouni eng direkt negativ Korrelatioun mat der Valeur ajoutée.

**3) Kann den Här Minister am Sënn vun der Fro virdrun elaboréieren, ob hien en allgemenge Réckgang vun der Industrieproduktioun als éischter virdeel- oder nodeeleg fir d'Lëtzebuerger Land bewäert?**

D'Industrie ass e wichtegen Acteur hei zu Lëtzebuerg, an de Réckgang vun der Industrieproduktioun ass negativ ze bewäerten. Gläichzäiteg ass d'Entkopplung vun der industrieller Produktivitéit vun Energieconsommatioun - oder an aner Wieder eng verbessert Energieeffizienz vun der Industrie - eng positiv an noutwenneg Entwécklung. Fir Betriber, an zemools déi energieintensiv Betriber, an dëser Situatioun ze ënnerstëtzen, hu mir als Regierung a Kollaboratioun mat de verschiddenen Acteuren hei zu Lëtzebuerg, eng Rei Hëllefe lancéiert fir Betriber bei hirer Energietransitioun ze ënnerstëtze respektiv direkt Hëllefen unzebidde fir Betriber déi mat extremen Energiekäschte belaascht sinn. D'kierzlech virgestallt Mise à Jour vum *Plan national intégré en matière d'énergie et de climat* beinhalt doriwwer eraus verschidde Mesurë fir d'Industrie och mëttel- bis laangfristeg weider op dësem Wee

[1] ILR (2023): Chiffres clés du marché du gaz naturel

ze halen, notamment duerch Investitiounen am Beräich vun der Energieeffizienz an technologesch Léisungen op der Basis vun erneierbaren Energien an am Sënn vun enger Kreeslafwirtschaft.

Lëtzebuerg, de 15. Mee 2023
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie